ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister, d'Madamm Banneminister an un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass evident, datt eis schoulesch Strukturen dofir suerge mussen, datt Kanner mat spezifesche Besoine beschtméiglechst encadréiert ginn. Dës spezifesch Besoine kënnen esouwuel kierperlecher, ewéi och geeschteger Natur sinn.
Dowéinst muss sécher gestallt sinn, datt bei engem Kand, bei deem opgrond vun engem medezineschen Zertifikat eng mental ("handicap mental") an/oder eng kierperlech Beanträchtegung ("handicap physique") festgestallt gouf(en), dës Beanträchtegung(en) berécksiichtegt gëtt/ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister,der Madamm Banneminister an dem Här Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1) Wéi e Stellewäert huet en Zertifikat vun engem Dokter iwwert déi jeeweileg Beanträchtegung vun engem Kand, deen z.B. vun den Eltere presentéiert gëtt? Gëtt dësen an all Fäll unerkannt oder gëtt et nach eng Iwwerpréiwung duerch d'Schoulmedezin oder aner Strukturen?
2) No wéi enger Prozedur gëtt festgeluecht, op wéi eng Manéier déi spezifesch Besoine vum Kand, déi am medezineschen Zertifikat stinn oder op eng aner Manéier festgestallt goufen, an der Praxis vum schouleschen Alldag ëmgesat ginn?
3) Ass et bis dato scho virkomm, datt e medezinesche Certificat iwwert déi spezifesch Besoine vun engem Kand vun enger Schoul an/oder engem Foyer scolaire net unerkannt gouf?

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

4) Ginn et Prozeduren, déi sécherstellen, datt d'Schoul an/oder de Foyer scolaire effizient mat de Gemengenautoritéiten zesummeschafft, déi eventuell dofir suerge mussen, datt genuch Personal agestallt gëtt, fir datt d'Betreiung vu Kanner mat spezifesche Besoine ka séchergestallt ginn? Wa jo, wéi genee ass d'Kompetenzopdeelung tëschent dem Staat an de Gemengen an dëse Froe gereegelt a wéi gesinn dës Prozeduren aus?
5) Ass zu Lëtzebuerg elo schonn am schoulesche Beräich séchergestallt, datt d'UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung applizéiert gëtt? Wann net, wéi eng Moossname wëll d'Regierung huele fir d'Situatioun ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten